I-2023-O-M-7775-01 (n°4226)

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

Dépôt : Här André Bauler (DP)

**Aktualitéitsstonn iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch**

3

# MOTIOUN

**D'Chamber,**

**Vu**

- datt et ee politesche Konsens iwwer d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch gëtt ;
- déi rezent konstitutionell Verankerung vum Lëtzebuergeschen als Landessprooch ;

**bekennt sech weiderhin**

- zur Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns- an Integratiounssprooch ;
- zur Méisproochegkeet;
- zur Lëtzebuerger Sprooch als Ausdrock vun enger inklusiver Identitéit, déi Land a Leit verbënnt an net spléckt;

**begréisst**

- déi rezent Efforte vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ze verbesseren ;
- d'Schafe vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) a vum Institut national des langues Luxembourg (INLL) ;
- d'Ëmsetzung vun enger Hellewull vu Moossnamen aus dem Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch ;
- datt d'Stäerkung vun der Lëtzebuerger Sprooch am Koalitiounsaccord fir d'Legislaturperiod 2023-2028 festgehale gouf ;

**invitéiert d'Regierung**

- den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch permanent un nei Realitéiten unzepassen a reegelméisseg ze evaluéieren, dat virun allem duerch d'Ausschaffe vun digitalen Outilen op Lëtzebuergesch;
- den Zougang zur Lëtzebuerger Sprooch weider ze verbesseren, dat virun allem och mat Coursen, déi méi op den aktive Gebrauch setzen, a manner op d'Schrëftsprooch an d'Grammatik.

F. KEMP S. Weydert A. BAULER G. AGOSTINO M. Mirella